N°4549
Entrée le 12.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4549 vun den éierewäerten Deputéierten Alexandra Schoos a Michel Lemaire

1. Hunn d'EKABE oder aner Duechtergesellschaften aus dem Lactalis-Konzern an de vergaangenen zwanzeg Joer staatlech Bäihëllefen an Infrastrukturzouschëss fir de Standuert Eschweiler kritt? Wa jo, waren dës finanziell Ënnerstëtzunge mat Bedéngungeverbonnen, wéi beispillsweis der Ofnam vu lokale Rohstoffer oder dem laangfristegen Erhalt vun Aarbechtsplazen?

   D'EKABE S.A., oder aner Gesellschaften aus dem Lactalis Grupp hei zu Lëtzebuerg, hunn déi lescht zwanzeg Joer keng staatlech Bäihëllefe vum Landwirtschaftsministère fir hier Infrastruktur kritt.
   Eng järlech Bäihëllef am Kader vun der *Contribution au transport d'échantillons de lait*, vu manner wéi 5.000 €, gouf bis 2017 vum Landwirtschaftsministère ausbezuelt.

2. A wéi engem Mooss wëllt de Ministère spezifesch Bestëmmunge vum nationale Landwirtschaftsgesetz notzen, fir der heemescher Veraarbechtungsindustrie Investitiounsbäihëllefe bereetzestellen? Ass geplangt, national Acteuren (wéi zumBeispill Luxlait) finanziell dobäi ze ënnerstëtzen, hir Veraarbechtungskapazitéiten auszebauen, fir déi ronn 50 Millioune Liter Mëllech vun de PROLEK-Baueren opzehuelen?

   De 27. Juli 2026 huet de Conseil de Gouvernement en neie Gesetzesprojet guttgeheescht. Dësen huet als Ziel d'Ënnerstëtzung vun der Veraarbechtung an der Vermaartung vu landwirtschaftleche Produiten. De Projet gesäit vir den Hëllefsasaz, wéi en am aktuellen Agrargesetz ënnert den Artikelen 29 bis 37 virgesinn ass, ze erhéijen an doduerch d'Kapazitéite souwéi d'Resilienz vum lëtzebuergesche Liewensmëttelsecteur weider auszebauen.

3. Plangt d'Regierung nei Fërderprogrammer, déi geziilt d'Resilienz an d'Diversifizéierung vun de landwirtschaftleche Betriber stäerken, fir d'Ofhängegkeet vun der lëtzebuergescher Landwirtschaft vun de globale Strategië vu multinationale Grousskonzerner wéi Lactalis dauerhaft ze reduzéieren?

   Am Kader vum *Plan d'action national pour un système alimentaire durable*, deen den 2. Abrëll vum Landwirtschaftsministère presentéiert gouf, si verschidde Mesurë virgesinn, fir d'Resilienz an d'Diversifizéierung vun de landwirtschaftleche Betriber ze stäerken. D'Ëmsetzung vun dësem Aktiounsplang ass amgaangen. Déi konkret Gestaltung vun den eenzele Mesuren an den eventuelle Fërderinstrumenter gëtt de Moment am Echange mat den zoustännegen Acteuren ausgeschafft.

Lëtzebuerg, den 12. August 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau